

du jour. Dat ass d'Diskussioun iwwer eng Konventioun iwwer international Garantië fir Matériels d'équipement mobiles. Den honorabelen Här Angel ass Rapporteur vun dësem zimlech technesche Projet. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

6. 5698A - Projet de loi portant approbation de la Convention du Cap du 16 novembre 2001 relative aux garanties internationales portant sur des matériels d'équipement mobiles et de son Protocole portant sur les questions spécifiques aux matériels d'équipement aéronautiques

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet 5698 ass eis jo opgefall, dass mer dee Projet no Recommandatioun vum Statsrot an zwee Deeler opgedeelt hunn. Den Deel A, wou et konkret ëm d'Approbatioun vun der Convention du Cap geet, déi mer och an der aussepolitichescher Kommissioun behandelt hunn, an de Punkt B, deen och geschwënn heibanne wäert behandelt ginn, deen de Moment nach an der Finanzkommissioun läit a wou et ëm eng Émännerung vun eise^m Hypothéikegesetz geet.

Wat elo den Deel A ugeet vun dësem Projet, geet et wéi gesot ëm d'Approbatioun vun der Convention du Cap vum 16. November 2001 iwwert déi international Garantië vu mobilem Equipementsmaterial wat d'Fligeren ugeet an iwwert de Protokoll, bei deem et ëm déi spezifes^{ch} Froen och iwwer Flugmaterial geet; dëse Protokoll gëtt am Text Protocole aéronautique genannt.

Den Haaptobjektiv vun der Convention du Cap ass, effikass Regeln opzestelle fir de Finanzement vun deene Matériels d'équipement mobiles. Beim Protokoll geet et drëm, dës Regeln ze applizéieren un all déi aeronautesch Güter, Avionen, Moteuren, Helikopteren an esou weider. An Dir wësst, dass dat hei Material ass, wat net bëlleg ass, dass hei vill Gelder gebraucht ginn, fir esou Material ze kafen.

Et geet am Fong drëm, dass d'Instrumenter vun der Konventioun d'Finanzéierungsoffer vun deem deiere Material facilitéieren, duerch d'Schafe vun enger staarker internationaler Garantie. Besonnesch en faveur vun de Créancier^{en}, déi heiduerch eng absolut Prioritéit kréien, an dës Prioritéit gëtt dann och nach an engem internationale Register agedroen.

Et ass och wichteg, dass de Créancier d'Sécherheet huet, dass am Fall vun enger Défaillance vum Débiteur de Respekt vu senge reellen a kontraktuelle Rechter assuriert ass. Konkret heescht dat, dass de Créancier, am Fall wou den Débiteur, deen zum Beispill de Fliger exploitéiert, défaillant ass, dann de Fliger erëmkréie kann an engem aneren de Fliger gi ka fir ze exploitéieren.

D'Convention du Cap an och dee Protokoll sinn also wichteg Instrumenter an der Industrie aéronautique, well si stimuléieren d'Offer vu Kreditter fir dës Industrie.

Wa mir elo dës Konventioun hei an der Chamber approvouéieren, kann zum Beispill hei zu Lëtzebuerg d'Cargolux, déi amgaang ass hir Flotte auszebauen, méi gönschteg Finanzementskonditiounen kréien an zum Beispill 33% aspueren, wat 1,2 Milliounen Dollar ausmaache bei de Käschte vun där Garantie.

Déi Ratifikatioun vun der Convention du Cap ass och wichteg wat d'Lëtzebuurger Siège-politik ugeet. Am Februar 2007 hat den Transportministère mam Ausseministère eng Conférence diplomatique am Kader vun der Convention du Cap hei zu Lëtzebuerg organiséiert, an do ass de Protocole du Luxembourg ugeholl ginn. Dat ass den Deel vun der Convention du Cap, dee sech mat der Eisebunn beschäftegt. Bei där Konferenz ass jo och Lëtzebuerg designéiert ginn, fir de Siège vun deem Registre ferroviaire international ze ginn.

Mir waarden nach op den Dépôt vun deem Projet de loi iwwert déi Ratifikatioun vun dem Protocole du Luxembourg, mä andeems mer elo haut eng rapid Approbatioun gi vun der Convention du Cap, wat am Fong d'Convention de base ass, dréit dat zur

Kredibilitéit vun eise^m Land an deem Dossier bäi. Ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet.

Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur. Ech denken, dass d'Fraktiounen alleguer d'accord si mat de Konklusione vum Rapporteur an dass mer sollten eng rapid Approbatioun vun dësem Projet ginn. Deementspriedend komme mer direkt zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5698A ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Michel Wolter), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zu enger weiderer Konventioun, dem Projet 5751, eng Steuerkonventioun. Och hei ass den honorabelen Här Angel Rapporteur an ech ginn em direkt d'Wuert.

7. 5751 - Projet de loi portant approbation du Protocole, modifiant le Protocole additionnel relatif aux impôts annexé à la Convention concernant la coopération administrative et judiciaire dans le domaine des réglementations se rapportant à la réalisation des objectifs de l'Union économique Benelux, signé à La Haye, le 29 avril 1969 et de la Déclaration des trois Gouvernements, signés à Bruxelles, le 17 avril 2007

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei wäert ech mech och kuerzfaassen. Bei dësem Projet de loi befanne mer eis am Kader vun enger Benelux-Konventioun, vun där mir am Fong e Protocole additionnel ofänneren.

Dës Konventioun vun 1969 huet als Zil, d'Haaptregele vun enger administrativer a judicairer Zesummenaarbecht an deenen dräi Benelux-Länner festzeleeën.

D'Kooperatioun am Domän vun de Steieren, an an deem Fall wou mer eis haut befanne vun der TVA, huet vill speziell Aspekter a konnt dofir och net an der Convention d'ordre général agebonne ginn. Dofir ginn

déi Froen all an engem Zousazprotokoll geregelt an et ass genau dësen Zousazprotokoll, dee mer haut mat dësem Projet de loi ëmänneren.

Genau gesot ännere mer den Artikel 8 vun deem Protokoll. Doduerch erlabe mer et de Steiervverwaltunge vun deenen dräi Benelux-Länner, e gemeinsaamt Instrument ze hunn, fir géint d'Fraude fiscale transfrontalière bei der TVA virzegoen.

Dëst Instrument ass och deenen aktuelle Methode vun der Fraude ugepasst. Dir wësst, wann eng Entreprise e Produit aus engem aneren EU-Land importéiert, bezilt se d'TVA net am Pays d'origine, mä am Destinationsland. Si kann awer d'TVA ofsetzen, esou wéi wa se de Produit am Fong enger lokaler Entreprise ofkaaft hätt, wa se esou eng TVA-Deklaratioun ausfëllt.

Säit 2000 huet sech do e System vu Fraude entwéckelt, deen „fraude carousel“ genannt gëtt. Et sinn op eemol eng ganz Rëtsch vun éphémère Gesellschaften entstanden, déi ebe vun deem Système communautaire vun der TVA abuséiert hunn.

D'Fraude besteet doran, dass déi Gesellschaften sech ënnerenee fiktiv Verkafsoperatiounen organiséiert hu mat Perte, a si loosse sech dann all Kéiers den trop perçu vun der TVA rembourseren. Ier d'Steierämter dës Fraude dann entdeckt hunn, hunn déi Gesellschaften sech opgeléist an déi ze vill ausbezuelten TVA-Montantë sinn détournéiert ginn.

Vill EU-Staten hunn dofir de Prinzip vun der Responsabilité solidaire agefouert an hir TVA-Législatioun adaptéiert, fir ebe géint déi Fraude carousel virzegoen. Dat heescht, déi betraffe Gesellschaften sinn also elo all solidaresch responsabel fir d'Bezuele vun der TVA. Doduerch hunn am Fong d'Entreprises den Intérêt ze wëssen, mat wéi engen aneren Entreprisë se zesummeschaffen. Et soll een also oppassen, wann ee seng Partnergesellschaften aussicht.

An deenen dräi Benelux-Länner ass d'Notioun vum Prinzip vun der Responsabilité solidaire anescht interpretéiert ginn. D'Modifikatioun, déi an dësem Protokoll elo virgesinn ass, erméiglecht et eben, do eng gewëssen Harmonisatioun ze kréien, wat déi Notioun ugeet.

De Conseil d'État huet dëse Projet ouni Observatiounen approvouéiert an am Numm vun der LSAP-Fraktioun géif ech lech och bieden, dëse Projet ze approvouéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Ech soen, am Numm vun de Fraktiounen an de Sensibilitäten, dem honorabelen Här Angel Merci fir säin detailléierte Rapport. Ech géif proposéieren, dass mer dann zur Ofstëmmung kéimen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5751 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par M. Michel Wolter), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Carlo Wagner), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, zum leschte Punkt vun eise^m Ordre du jour vun haut, ier mer zu den Naturalisatiounen kommen: Dat ass de Projet iwwert de Schutz vun de Kulturgidder. Hei huet den honorabelen Här Sunnen als Rapporteur d'Wuert.

8. 5550 - Projet de loi portant adaptation du droit interne aux dispositions du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999

» **M. Fred Sunnen** (CSV), rapporteur.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi 5550 ass deen, deen iwwert d'Convention de La Haye geet, wou mer sollen ënnerzechnen, dass d'Biens culturels en cas de conflit armé géife geschützt ginn.

Dëse Projet de loi gouf eng éischte Kéier den 30. Januar 2008 à l'unanimité hei gestëmmt. Deemoools hat ech lech de Projet en détail virgestallt. Well ech mer sécher sinn, dass Der deemoools alleguer ganz gutt opgepasst hutt, verzichten ech drop, dësen Exposé nach eng Kéier ze widerhuelen.

Bei der leschter Kontroll vum Text duerch de Statsrot ass dunn awer opgefall, dass de Statsrot zwar der Chamber proposéiert hat, fir de Vandalismus am Gesetz méi genee ze definéieren, eisen Text awer am Wuertlaut net ofeseent hat. Dat ass elo geschitt. Den Avis vum Statsrot ass vum 18. Mäerz 2008. Duerfir bieden ech d'Chamber elo, dem Projet 5550 eng zweete Kéier hiren Accord ze ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Sunnen. Mir maachen dat dann esou wéi den honorabelen Här Sunnen et proposéiert huet a mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5550 ass mat 57 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Stein-Mergen), Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par M. Lucien Thiel), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

9. Demandes en naturalisation

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zu den Naturalisatiounen. Duerfir muss ech de Huis clos aussprieden. Ech géif d'Regierung an d'Press bieden, eis eleng ze loosse, wann ech gelift.

(Le huis clos est prononcé à 16.05 heures.)

* * *

(Le huis clos est levé à 16.09 heures.)

Déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 33 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete Vote constitutionnel ugeholl.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptées par la Chambre des Députés le 24 avril 2008

1. ADAGA Orhan, né le 8 novembre 1975 à Kigi (Turquie), demeurant à Luxembourg
2. BEKA Bajram, né le 17 mai 1965 à Nishevc (Kosovo), demeurant à Luxembourg
3. BOBMANN Wolfgang August Wilhelm, né le 26 mars 1955 à Appeldorn (Allemagne), demeurant à Diekirch
4. CAKU Stivi, né le 7 août 1986 à Shkodër (Albanie), demeurant à Echternach
5. DAGISTANI Valbona, née le 20 juillet 1963 à Shkodër (Albanie), demeurant à Echternach

6. DAS NEVES RAMALHO Albino Manuel, né le 21 juin 1966 à Aguda/Figueiró dos Vinhos (Portugal), demeurant à Dudelange
7. DJIENTCHEU NOUKOUBON Gisile, née le 27 décembre 1972 à Bankondji (Cameroun), demeurant à Lintgen
8. DIAS ARAÚJO Fernando Agostinho, né le 20 mai 1981 à Bouro/Amares (Portugal), demeurant à Nieder Korn
9. EL AJAIL Bouchra, née le 18 novembre 1971 à Rabat (Maroc), demeurant à Peppange
10. ELSHANI Liridon, né le 21 mai 1987 à Peć (Kosovo), demeurant à Remerschen
11. ELSHANI Valon, né le 11 mars 1985 à Peć (Kosovo), demeurant à Remerschen
12. FAMDIE KAMGUE Guy Rufin, né le 19 janvier 1970 à Dschang (Cameroun), demeurant à Helmsange
13. GAFFNEY Mary Angela, née le 22 juillet 1961 à Galway (Irlande), demeurant à Kehlen
14. IAMPOLSKI Vsevolod, né le 25 septembre 1958 à Tiraspol (Moldova), demeurant à Hesperange
15. LAEMMEL Evelynne Marthe, née le 30 juin 1967 à Haguenau (France), demeurant à Bertrange
16. LICINA Dzeko, né le 23 janvier 1981 à Bijelo Polje (Monténégro), demeurant à Dudelange
17. LORKOWSKI Peter Paul, né le 29 juillet 1962 à Olsztyn (Pologne), demeurant à Medingen
18. MAGLIĆ Edina, née le 12 septembre 1955 à Žepče (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Bertrange
19. MARRUCHO Rui Agostinho, né le 10 janvier 1970 à Mafra (Portugal), demeurant à Rumelange
20. MOUMAR Samira, née le 10 mars 1973 à Marakech (Maroc), demeurant à Schifflange
21. NESIĆ Gorica, née le 22 août 1964 à Niš (Serbie), demeurant à Luxembourg

22. NIELSEN Astrid Erika, née le 16 septembre 1960 à Bergen (Allemagne), demeurant à Wormeldange
23. PIRES TEODORO Daniel Filipe, né le 25 mai 1983 à Tinalhas/Castelo Branco (Portugal), demeurant à Esch-sur-Alzette
24. RODRIGUES MARTINS Nuno Daniel, né le 30 décembre 1979 à Espinho (Portugal), demeurant à Esch-sur-Alzette
25. SABOTIĆEdita, née le 3 décembre 1971 à Berane (Monténégro), demeurant à Schifflange
26. SARIKAYA Nazli, née le 29 mai 1978 à Saint-Josse-Ten-Noode (Belgique), demeurant à Luxembourg
27. SCHAUS Karine Joséphine Henriette, née le 4 août 1961 à Charleroi (Belgique), demeurant à Goebange
28. TEL Céline Sophie Claudie, née le 16 juin 1982 à Fontainebleau (France), demeurant à Luxembourg
29. TELOU Tchélalo Tizama Esso, née le 4 juillet 1970 à Sokode (Togo), demeurant à Bivange
30. VESELI Kujtim, né le 14 octobre 1979 à Mitrovicë (Kosovo), demeurant à Luxembourg
31. VOJINOVIĆ Zlatan, né le 13 novembre 1963 à Dečani (Kosovo), demeurant à Luxembourg
32. ANDJELKOVIĆ Marina, née le 8 avril 1967 à Niš (Serbie), demeurant à Luxembourg
33. VUJOVIĆ Zvonko, né le 11 mars 1980 à Berane (Monténégro), demeurant à Luxembourg

10. Ordre du jour

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt lech elo um Enn vun eisen Aarbechten nach proposéieren, wat mer um Ordre du jour vun där nächster Woch hunn a wat d'Conférence des Présidents virschléit.

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, den 29. Abrëll um dräi Auer; e Mëttwoch, den 30. Abrëll moies um néng Auer an nomëttes um hallwer dräi mat folgendem Ordre du jour:

En Dënschdeg hu mer fir d'éischt eng Direktiv iwwert d'Informatioun an d'Consultatioun vun den Aarbechter an duerno de Projet de loi iwwert den Eenheetstatut. De Rapporteur sti jiddferengem 30 Minutte Riedezäit beim Eenheetstatut zur Verfügung. Den Ordre du jour gëtt evakuéiert, och wann et iwwer hallwer siwen erausgeet.

E Mëttwoch hu mer dräi Projeten: d'Pédagogie inclusive, de Statut vun de Gemengebeamten an d'Gläichstellung vu Mann a Fra um Aarbechtsmaart.

E Mëttwoch de Mëtteg geet et u mat enger Question avec débat vum honorabelen Här Henckes iwwert d'Schafung vun engem Laboratoire national de médecine légale et de police scientifique. Duerno kommen déi zwou Propositions de révision de la Constitution, déi den Här Meyers presentéiert. Dës Propositions de révision de la Constitution ginn an enger Diskussioun behandelt, a beim Vote ass eng qualifizéiert Majoritéit erfuerdert. Duerno hu mer de Projet de loi iwwer verschidden Ëmweltprogrammer, eng Konventioun iwwert de grenziwwerschreidenden Ëmweltimpakt. Déi Projete ginn nom Modell 1 och an enger Diskussioun behandelt. Dem Rapporteur stinn hei 30 Minuten zur Verfügung. Den Ordre du jour gëtt och deem Dag evakuéiert, nodeems datt mer de Projet iwwert de SIDOR an iwwer e-go diskutéiert hunn, och wann et iwwer hallwer siwen erausgeet.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.11 heures)



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

- An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)
- Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

- An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29
- An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32
- An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29
- An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz
- Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

- An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ
- Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz
- An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz